**Publi-Reportage**

# 14. HAUPESCHFEST ZU BÄERDREF

## E Samschdeg a Sonndeg, den 3. a 4. November



## Wëllkomm zu Bäerdref

De Bäerdrefer Haupeschmaart mat ronn 7 000 Visiteuren all Joer huet schonn zënter Joren eng fest Plaz am nationale Manifestatiounskalenner. Iwwert 100 Aussteller, lokal, regional oder aus dem Ausland, kommen, fir hir Konschtwierker oder kulinaresch Leckereien ze verkafen. Bei der riseger Villfalt vum artisanalen Humpen bis zu de Kannerspillsaachen, ass fir Grouss a Kleng ëmmer eppes dobäi.

Vill vun den Visiteure kommen aus dem Ausland, d'Hoteller an d'Restaurante sinn de ganze Weekend gutt gefëllt, dëst dréit zu engem positiven Image vum Touristenduerf Bäerdref bäi.

Den Haupeschmaart ass dat gréissten Evenement an eiser Gemeng. Et ass dowéinst fir mech selbstverständlech, datt d'Gemeng dem Organisateur, de Fraen a Mammen, hir vollsten Ënnerstëtzung ubitt. Dëst Joer hu mir wéinst der spezieller Verkéierssituatioun e Park & Ride vum Konsdrefer Fussballterrain „Am Kuerzwénkel" organiséiert. Duerfir och e Merci un d'Konsdrefer Gemeng. Ech well en Appel maachen, fir vun dësem gratis Service ze profitéieren an esou méi komfortabel kënnen op den Maart ze kommen.



Zum Schluss wëll ech awer och de Fraen an Mammen een décke Merci soen. Hir jorelaang Organisatioun an hiert Engagement sinn eng wierklech Beräicherung fir eis Gemeng.

Ech wënschen der 14. Editioun vum Haupeschmaart e Succès fou!

Joe Nilles
Buergermeeschter,
Gemeng Bäerdreff
















